Communiqué de Presse

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2024

# *ZÄIT FIR ERNEIERUNG BEI DER CSJ.*

Gëschter Mëtte war zu Weiler-la-Tour den ordinäre Kongress vun der CSJ op deem en neien Nationalcomité gewielt gouf.

No fënnef Joer un der Spëtzt vun der CSJ hunn de **scheedende President an Deputéierten Alex Donnersbach an de Generalsekretär Basile Dell** an hire Rieden nach eng Kéier op dat lescht Joer zeréckgebléckt an déi gutt Resultater bei de Walen ervirgehuewen - besonnesch och vun de jonken CSJ Kandidaten.

Als Erënnerung: Bei de Gemengewalen sinn iwwer 130 CSV Kandidaten am Alter bis 35 Joer ugetrueden. Dovu sinn der 34 direkt gewielt ginn, 12 waren zu deem Moment éischten Ersatz a 9 zweeten Ersatz.

Bei de Chamberwale waren 12 CSJ Kandidaten op der CSV-Lëscht. Dovunner ass haut eng Kandidatin Justizministesch an zwee Kandidate sinn Deputéiert an der Chamber. Do dernieft ass eng CSJ'ler an d'Europaparlament nogeréckelt.

Als CSJ si mir awer och houfreg drop, datt vill vun eisen Iddien, wéi z.B. de Starter Kit (Steiererliichtunge fir jonk Beruffsunfänger) oder déi 4 Stonnen Elterenzäit, de Wee bis an de Regierungsaccord fonnt hunn.

A senger Ried huet de **Premierminister Luc Frieden** der CSJ nach eng kéier Merci gesot fir hir grouss Ënnerstetzung bei der Walcampagne an huet seng Determinatioun ervirgehuwen déi Jonk an der Zukunft anzebannen a weider op si op ze bauen an der Partei.

Bei de Wale sinn den **neie President Metty Steinmetz an de Generalsekretär Laurent Braun mat 98% vun de Stëmmen gewielt ginn**.

Den neie President huet a senger Ried folgend Punkten ënnerstrach:

- *D'CSJ wäert sech weiderhin den Zukunftsthemen unhuelen. Dat ënner anerem am Beräich Kënschtlech Intelligenz, Klima- & Ëmweltschutz, Sécherheet, Logement oder Pensiounsreform. Mir wäerten eis och verstäerkt groussen europäeschen Themen unhuelen. Entscheedungen déi op europäeschem Niveau geholl ginn, hu ganz oft en direkten oder indirekten Afloss op eist Liewen.*

- *Europa stäerken a verdéiwen andeems mir méi op de Leit hier Suerge lauschteren. Bauereprotester a ganz Europa sti stellvertriedend dofir, datt Europa administrativ Hürde muss reduzéiere fir dass si op eng verstänneg Aart a Weis kënne schaffen. A villen anere Beräicher ass d'Situatioun änlech. Europa muss rëm méi no un seng Bierger, Perspektive fir déi Jonk schafen an hinnen d'Avantagë vun Europa am Alldag méi no bréngen.*

- *2 Joer Krich an der Ukrain hu gewisen, datt och Europa nach weider Efforte muss maachen an der Sécherheets- & Verdeedegungspolitik. Als CSJ si mir der Meenung, datt et en EU Kommissär fir Verdeedegung soll gi fir sou eng besser Koordinatioun tëschent den eenzelne Memberstaaten ze garantéieren an eis esou beschtméiglech op zukünfteg Geforen ze preparéieren.*

Den neien CSJ Comité setzt sech zesummen aus:

**Metty Steinmetz – President**
*30 Joer, Kandidat fir d'CSV bei den Europawalen.*

**Laurent Braun – Generalsekretär**
*29 Joer, Gemengeconseiller an der Gemeng Stroossen.*

**Marie Laure Goeres - 1. Vize Presidentin**
*26 Joer, war CSV Kandidatin bei de Gemengewalen an der Stad souwéi bei de Chamberwalen am Zentrum.*

**Sarah Moreira - 2. Vize Presidentin**
*28 Joer, war CSV Kandidatin bei de Gemengewalen zu Esch souwéi bei de Chamberwalen am Süden.*

<u>Vertrieder Zentrum</u>

- Basile Dell
- Caroline Schloesser
- Arnaud Georges

<u>Vertrieder Osten:</u>

- Mich Weber
- Marc Ury

<u>Vertrieder Norden:</u>

- Mélanie Oliveira
- Grace Gales

<u>Vertrieder Süden:</u>

- Kelly Pleim
- Philipp Deprez
- Solmaz Jodairi Saber

Vertrieder Schüler a Studenten:

- Charlotte (Lotti) Beneke
- Ben Farschon

Bezierkspresidenten:

- Felix Thill - Bezierk Süden
- Eric Kieffer - Bezierk Osten
- Anne Steichen - Bezierk Norden
- *Gëtt de 4. Mäerz gewielt* - President Zentrum

Fir den CSJ Nationalcomité.

Metty STEINMETZ
CSJ Nationalpresident

Laurent BRAUN
CSJ Generalsekretär